



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7232 vun der éierbarer Deputéierten Martine Hansen

• **Wéi vill Hektar Fudderfläch gi vu lëtzebuenger Baueren an de Nopeschlänner bewirtschaft?**

Am Ganze gi 4917 ha Fudderfläch vun 240 lëtzebuenger Bauerenhäff am Ausland bewirtschaft, dat si 6% vun den insgesamt 82458 ha Fudderfläch, déi d'inlännesch Bauerebetriber bewirtschaften.

• **Firwat gëtt bei de Fördermoosnamen net no der reeller Situatioun vum Betrib gekuckt respektiv firwat ginn d'Fudderflächen, déi Betriber an der Grenzregion bewirtschaften, net bei der Berechnung vun der Bestandsdichte berécksiichteg?**

D'Ziel vun dese Moosnamen ass, datt am Inland eng substanzuell Reduktioun vum Véibestand erreicht gëtt, notamment am Sënn vun engem verbesserte Waasserschutz an der Reduktioun vun de Loftschadstoff. Et soll verhënnert ginn, datt Betriber sech am Ausland Fläche bäipachten, fir iwwert dee Wee an de Genoss vun dese Primmen ze kommen, ouni datt awer déi ugestrieften niddreg Bestandsdichten a Wierklechkeet ob den Terrainen hei am Land agehale musse ginn.

• **Ass de Minister gewëllt, dës Reegelung nach unzepassen?**

° **Wa jo, wéini?**

Neen, et ass am Moment aus den opgezielte Grënn net virgesinn, dës Reegelung unzepassen.

° **Wa net, firwat net, a wéi wëll de Minister déi konsequent Benodeelegung vun dese Betriber verhënneren?**
/

• **Wéi wëll de Minister Bauere motivéieren, déi bereet sinn, hire Véibestand pro ha Fudderfläch ze reduzéieren, déi awer e groussen Deel vun hire Flächen am Ausland hunn?**

Et sinn eng ganz Rei aner Moosname virgesinn, déi och vu Betriber genotzt kënnen ginn, déi hire Véibestand reduzéieren wëllen, awer ee gréisseren Deel vun hire Fudderflächen am Ausland hunn.

Dozou gehéieren zum Beispill d'Reduzierung vun der Stéckstoffdüngung, d'Moosname fir Extensivierung vum Dauergréngland oder och d'Veidehaltung.

Och déi Primme kënnen awer nëmmen ob de Flächen ausbezueelt ginn, déi och hei am Land bewirtschaft ginn.

• **Ass de Minister net der Meenung, datt des Reegelung den Drock op d'Land zousätzlech verschäerft?**

Neen, net méi wéi déi aner Primmen, déi un d'Fläche gebonne sinn.

° **Wa jo, wat wëllt de Minister dogéint maachen?**

/

Lëtzebuerg, de 9. Januar 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN